PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am September dëst Joer soll den Tram prett sinn, fir Persoune bis op Bouneweg ze transportéieren. Et ginn doriwwer eraus nach weider Aspekter ronderëm de Chantier vum Tram, déi et fäerdeg ze stelle gëllt. Esou war geplangt, dass bis Enn 2021 sollt de Foussgängerwee vum Millewee op de Pont Büchler fäerdeg gestallt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wouduerch ass d'Fäerdegstelle vun dësem Foussgänger- a Vëloswée a Verspéidung geroden?
2. Kann de Minister een Datum ginn, wéini deen Accès piéton/vélo zum Pont Büchler, dee jo zur Mobilité douce bäidréit, fäerdeggestallt gëtt ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député